

Eng verbruert Sprooch-Situatioun

vum Lex Roth

Datt eist Land ewéi och déi aner 26 EU-Membren e Wutz vun senger Souveränitéit fir d'Europäesch Unioun muss ofginn, dat kann ee verquësen. **E Wutz!** Datt d'Staate bannent der EU ower hirt typescht Gesiicht wëllen a muss behalen, ass eng operluegte Saach (en Ausdrock, deem am Kaartespill heescht, datt d'Spill an engem senger Hand ouni Fréckelen a Féischteren e klore Streech fir dee Spiller ass !).

E 'Bulletin-Europa', wou alles egal wéi duerchernee gemëscht a gerëselt gëtt, en 'Europa-Gehäck', e 'Mac Egal-wat', dat brauche mir net; dat bréngt kengem eppes. Kultur-Austosch ass dach besser wéi Kultur-Kuddelmuddel, wou jidderee säin historesche Charakter an e Stéck vun sengem Doheem-Gefill verléiert. Dat gëtt just eng Zort 'fastfood' mat ëmmer deerselwechter Zos, deem nämlechte Geschmaach, ouni typesche Goût, fad a just fir den Hunger ze stoppen, eppes eranzefeieren... net fir mat Genoss z'iessen.



Wat d'Sproochen an dësem Kontext ugeet, do ass et grad esou: Hei huet d'EU zwar en enorme Problem mat hiren 2 Dosen 'offizielle' Sproochen, mä **et wëllt keen säin Idiom fir eng sougenannt 'lingua franca' opginn**, obschonn déi Situatioun vun haut eng gigantesch a milliardendeier Kueberei ass... leider och bleift. D'Fro, ob d'Lëtzebuergesch och eng 'offiziell' EU-Sprooch sollt/soll ginn, huet äis am Fong nach ni gekëddelt, och wann et ee foxt, datt z.B. Malta an Irland mam Kapp duerch d'Mauer gelooss gi sinn; fir d'Islänner an nach deer anerer 'Klenger' wäert et alt net anescht goen.

Mir kënnen probéieren, ze verstoen, datt d'Fransousen, déi Däitsch an och nach anerer hir héich Kultur- a Literatursproochen net wëlle vum Englesche 'verniewele' loossen. Ower **an der EU-Praxis féieren d'Verbruetheten zu enger katastrophaler Situatioun**, wéi mir se aus der Geschicht vum Tuerm vu Babel kennen! Dat ass net Multikulti, dat ass Multikuddelmuddeli. Hei féint dach nëmme méi en talentéierte Mathematiker sech an der Zuel vun den Iwwersetzungsmeiglecheeten erëm, ouni dovun ze schwätzen, wat dee 'Spaass' äis kascht. Iwwerleet emol d'Sproochpolitik vun der chrëschtlecher Kierch... do huet d'Latäin als 'lingua franca' en enormen Deel vum Erfolleg bruecht, oder net ?

Wien sech eng Grimmel **mat dem Nascht vun den EU-Sproochen ofginn** huet, dee weess, datt si alleguer aus deerselwechter Kautsch kommen: dem Indo-Europäeschen. Dat huet seng spezifesch Äscht gemaach, an een Haaptstrank dovun ass dat Germanesch ('Indo-Germanesch' kënnt dir vergiessen). Och 'eis' Kelten hunn hir germanesch Wuerzelen, vun deenen et natierlech Spuren am Däitschen, Franséischen an Englesche gëtt... esouguer am Lëtzebuergesch !

Bei de Franken dréint et sech ëm e germanesche Stronk... a **Frank-räich huet säin Numm jo net gestuel**; do ass d'Geschicht Zeien. Datt dat Romanesch 'vun ënnen erop' säin Afloss krut a behal huet, ass sécher; ower hei kréie mir et da mat deer méi komplizierter Amëschung vum Griecheschen, dem Ostro- a Wisigoteschen ze dinn... an da gëtt een nawell gär dronkeg, gelldir.

Loosst mer emol einfach beim Franséischen, dem 'français' an dem nordgermaneschen 'Anglesche' bleiwen... déi hunn sech **zënter dem 11. Joerhonnert annenee verträzt**... doraus ass dat 'Englescht' entstan, dat mir haut kennen. Ënnert dem Stréch kann ee jo 'ganz graff' soen, datt d'Englescht eng absolutt Mëschung vu Franséisch an Däitsch ass. **Ouni dat eent oder dat anert missten si billen**, huet de Professor Fernand Hoffmann emol goldrichteg geschriwwen !

Mä do sti mir jo vrun enger intressanter Fro: Firwat halen déi sech wéi de Geck un de Bengel géint d'Englescht als EU-lingua franca drun? **Mir hunn et do gutt**: Eis Sproochsituatioun weist eeriicht op d'Englescht... an zwar vu 7 Joer un. D'Lëtzebuergesch huet do manner ze 'verléieren'...

Ceterum censeo... (34)

Gëtt deen sech dann net mat sengem Latäin? Neen, op kee Fall, well **et soll emol een äis seng 'Argumenter' soen, firwat d'Lëtzebuergesch net als d'Sprooch vum Grand-Duché kloer an eisem Grundgesetz stoe kënnt**. D'Gesetz iwwer eis Nationalitéit geet dach en déck Stéck méi wäit: Do gëtt strikt verlaangt, datt ee Lëtzebuergesch muss kënnen, fir Lëtzebuurger ze ginn. Op Grond vu wat?... dat ass vill méi 'restriktiv / koerzitiv / zwéngend', wéi dat, wat mir elo zënter Joer an Dag verlaangen a virgeschloen hunn: Einfach, **ouni kéier a Krëmmel an d'Constitutioun schreiwen, datt d'Lëtzebuergesch d'Sprooch vum Land ass**, an datt de Sproochgebrauch fir d'Verwaltung an 'um Geriicht' duerch Gesetz regléiert gëtt... sou wéi dat vun 1984 et zënter 25 Joer definéiert. Wou ass also de Problem ?

Bis elo sinn hei keng Nimm genannt ginn, well mir den néidege Respekt vrun dem Chamber-Reglement haten, dat d'Diskussiounen vu Chamber-Commissiounen geheim wëllt/ wollt hunn. Just do ännert sech ower eppes: Déi Sëtzunge sollen elo op d'mannst iwwer e Rapport och no bausse kënnen goen; et geet esouguer rieds vun offenem TV-Iwwerdroen... dat muss net sinn, well do net onbedéngt déi bescht Interventiounen an deer vischter Rei stinn, mä déi geschéckerlechste Publikumssteller hir 'effets de manches' zumbeschte ginn.

Wat mir gär hätten? Mä **datt deen deposéierte Commissiounsrapport vu virun de leschte Wahlen am Sënn vun der 'Sprooch vum Land' revidéiert gëtt**. Ob deen Artikel elo den 29. oder den 41. gëtt, dat mécht der Kaz (an äis och) kee Bockel.

Wou ass déi Zull ?

Dat wëssen déi eng net, well si dat Déngen alt erëm eng kéier vertässelt hunn; déi aner kucke grouss, well **si wësse vläicht net, wat eng Zull ass**; also wier et vläicht e gutt Wuert fir an eng Quiz-Emissioun, déi op eiser nationaler TV guer net schlecht giff maachen. Leider ass nach keen op déi Iddi komm, mä si wier eng lëschtteg Bomme-Saach fir eiser Sprooch e groussen Déngscht ze leeschten.

Eng Zull ass dat 'gelächert Stéck', dat mir vir op de Rouer vun enger Géisskan stiechen, fir datt d'Waasser sech reng soll verdeelen... **déi Zull stécht een ower net op eng 'Géisskan'**, well dat ass nun emol eng... Stränz !

Wien dann endlech d'Zull fir op d'Stränz erëmfonnt huet an dat Déngen och mat sengem richtege lëtzebuergeschen Numm nennt, dee 'begéisst' seng Planzen doutsécher net, well déi ginn an eiser Sprooch 'genetzt/ genat' (eist 'netzen' ass net dat däitsch !)... Dat ass vläicht net esou wichtig, gelldir, och net, datt 'Zull' eng typesch franséisch Verdrüddelung / Verballhornung ass... **mä wat ass da scho wichtig**, wann engem souwisou dat Allermeesch egal ass?

Den Ausdrock 'Zull' huet och nach eng aner Bedeitung; déi féint ee beim Päerd... mä ech wetten, datt keng 5% vun eise Päerdsgecken déi kennen... mol kucken... vläicht och mäi Frënd a Klassekomerod Gast Schuller net, dee mech op déi 'Zullegeschicht' hei gestouss huet

dat Sproochrouer ?

D'Bedeitung vun deem Wuert muss mir an d'Däitscht siche goen. 'Sprachrohr' ass eng Ariichtung/ eng Persoun, déi schrëftlech oder elektronesch eng Meenung oder Neiegkeet méi haart a wäit dréit, wéi dat gewéinlech de Fall wier; d'Press an d'Veräinspublikatiounen sinn e gutt Beispill dofir... iwregens och eis KLACK.

Wat ower typesch falsch aus dem Däitschen geholl gëtt, dat ass d'Geschlecht vum Wuert, de sougenannt 'Genus/ genre'. Ech kenne keen, dee geng soen, **'dat' Rouer** wier net dicht, héchstens **'dee' Rouer** géng rënnen. Wann et dann am Lëtzebuergesche schon eng Iwwersetzung vum däitsche 'Sprachrohr' muss ginn, da kann dat nëmme e männlech Wuert sinn, also **'de' Sproochrouer**. Mir hunn deer männlecher/ weiblecher/ sächlecher Fäll eng Hatt voll an eiser Sprooch, wou op déi Manéier gezéckt gëtt... huet emol **'Plakat'**; ass et 'dat' oder 'déi'? Mä zënter datt mir aus zwéi Männer/ Autoen/ Muppen asw. der **'zwee'** wëlle maachen, brauch een sech net ze wonneren, gelldir. A mir Männer loossen äis dat gefalen

Gespréich

Mir kennen alleguer **Leit, déi schrecklech gär schwätzen, ower och deer, déi de Mond net opkréien**. Vun deenen engen an och aneren hale mir, wat mir wëllen. Op jidfer Fall huet eis Sprooch kéipweis Ausdréck, fir d'Fassong vum Schwätzen ewell mat engem Wuert ze beschreiwen.

Wie vill schwätzt, mä wou näischt dohannert an dovur ass, dee **'braddelt'**. Mir soen och nawell gär, et wier e Schnëssert, vläicht och e 'Sabbeler'. Sinn zwou Fraen oder zwéi Männer amgang, sech laang an iwwer egal wat ze ënnerhalen, da geet rieds vu *'poteren, jadderen, baassen, klappen, tozen, diedegen, tuten, tuddelen...'*...mä **huet dir iech ewell iwwerluecht, wéi et mat deene Wieder an den Differenzen am Däitschen, dem Franséischen oder esouguer dem Engleschen ass?** Guer net esou einfach! Eis Sprooch huet hei onheemlech vill opweises. Dir huet bestëmmt nach aner Ausdréck an ärer Sproochkëscht.

An dësem Zesammenhank vläicht e gelungent Gepoters: Beim ville Geschwätz ginn och alt emol Leit *'beklaakt'* oder *'besch...'* Sot am Däitschen net, dir hätt *'jemanden besch...'*; dat heescht, datt dir een *'ugeschmiert'* huet... do soen d'Lëtzebuurger, si hätten een *'ugesch...'*, wat am Däitschen net *'angesch...'* heescht, mä *'betrogen'*. Am Krich hat dat *'Uschäissen'* nach eng ganz aner Bedeitung; da sicht dat Däitscht emol dofir... Wat Saachen, gelldir.

kachen a brachen

e flotten a 'reimereschen' Ausdrock, deem iwregens och den Titel vum Tun Nosbusch sengem genëssege Kachbuch ass. Dat 'Brachen' huet en 100% lëtzebuergesch Gesiicht, esou wéi eng ganz Kuerbel Kichen-Ausdréck an eiser Sprooch. Wann ee Grompere kuerz kache léisst, iert een se wëllt broden, heescht dat **'eng Wal ofkachen'/ waalse loossen**. Duerno léisst een se **'lues goen'**, wat net mat der Vitesse mä mat Temperatur ze dinn huet an iwregens fir ganz vill Kacherei wichtig ass; **'brutschen (köcheln)'** gëtt jo am Fong nëmme e Ragoût gelooss.

Soll eng Britt éierbar ginn, da solle mir se nom fermen Opkachen nach just **'wibbelen, sidderzen, simmere'** loossen; eis al Kächen hunn ni eppes vu *'köcheln'* gesot... dat ass duerch d'Kachbicher opkomm a geet just nach fir eng Zos. Eng gutt Saach wier et, wann och an deene Bicher de lëtzebuergeschen Ausdrock wéinstens a Klammere geng stoen... an: wann emol eng gutt Séil äis **eng Lëscht vun de meeschte Stack-Lëtzebuurger Kichenausdréck** giff maachen. Déi bréngt mir bestëmmt a gär hei an der KLACK !